Zesumme mat der Gesondheetspastoral invitéiert de CFD all interesséiert Leit op een Informatiounsdag. Vum Alter an/oder der Krankheet beréiert, stell dir iech d'Fro vun engem benevollen Engagement an engem Spidol, Alters-oder Fleegeheim ? Duerfir bidden déi Verantwortlech aus den Aumônieren vun de Spideeler, Alters- oder Fleegeheimer een Dag vu Begëinung a Sensibiliséierung un, wou si déi villfältig Servicer vun der Gesondheetspastoral an eiser Diözees virstellen.

Zéckt duerfir net fir Samschdes de 26. Oktober 2024 op eise Schnupperdagzekommen: Moies vun 10.00–12.00 op Lëtzebuergesch a nomëttes vun 14.00 – 16.00 op Franséisch. Umeldunge mat Mëttegiessje gi bis den 21. Oktober op [pastoraledelasante@cathol.lu](mailto:pastoraledelasante@cathol.lu) ugeholl. D'Begëinung féinnt op 50, avenue Gaston Diderich L-1420 Lëtzebuerg-Belair statt.

Fir all weider Informatiounen kënnt Dir Iech gär un d'Madame Josiane Mirkes 621 26 32 56, Referentin fir Gesondheetspastoral am Bistum wenden.

### WOU?

Maison d'accueil des  
Srs. Franciscaines

50 avenue Gaston Diderich  
L-1420 Luxembourg-Belair

### DATUM

26.10.2024

vun 10.00 - 12.00 Auer  
op Lëtzebuergesch

vun 14.00 - 16.00 Auer  
op Franséisch

### ORGANISATIOUN

Centre de formation  
diocésain Jean XXIII  
en collaboration avec la  
Pastorale de la Santé

### INFORMATIOUNEN AN UMELDUNG

[pastoraledelasante@cathol.lu](mailto:pastoraledelasante@cathol.lu)

Mme Josiane Mirkes  
621 26 32 56





# Fotoen Te Deum 24. Juli 2024 250 Joer Lënster Kierch

Fotoen vum Tom Poull





## Nächst Terminer

13.10.2024

**Concert | 17:00**  
Thomas OSPITAL  
*organiste titulaire du grand-orgue de l'église Saint-Eustache à Paris accompagné par l'OCL – Orchestre de Chambre Luxembourg*

Freier Eintritt /  
*Entrée gratuite*

08.11.2024

**Concert | 20:00**  
Musique Militaire  
Grand-Ducale Luxembourg

Freier Eintritt /  
*Entrée gratuite*





# Liestipp...

Brandscheidt Renate /

Schüßler Werner

## Heil und Heilen

Biblische, philosophische und  
theologische Perspektiven

Verlag Würzburg 2024, 128 Seiten, 14,90 €.



Gesondheet ass dat Wäertvollst, wat mir Mënschen hunn. Dat ass eis haiteg Astellung. Dobäi gesi mir awer, dass vill Mënschen, obwuel si krank oder behënnert sinn, dach ganz frou sinn an ee wäertvollt Liewe féieren. Eis Welt ass haut ganz däitlech gepräagt vu Wëssenschaft an Technik. Alles muss funktionéieren a riicht lafen. Awer vill Krankheete sinn och haut net ze heelen an och Psychotherapeute kënnen eis net fräi maache vun eiser existenzieller Angscht. Doraus entsti bis haut Froen déi de Mënsch begleeden. Aus dem räiche Schatz vu bibleschen, theologeschen a philosophesche Gedanken zu dësem Thema hunn d'Renate Brandscheidt an de Werner Schüßler eng Rei Iddien an dësem liesenswäerte Buch

präsentéiert.

D'Gesondheet ass eis alle wichteg. Awer schonn an der Bibel gesi mir, wéi schwierig et ass, wann een nëmmen op déi kuckt. Wéi kann ee kranke Mënsch, trotz aller Schwaachheet, „heil“ (onbeschiedegt) ginn? D'Bibel gesäit an der Gesondheet net dat héchste Gutt, nach de Sënn vum Liewen iwverhaapt. Krankheet gëllt hei net als eng Zerstéierung vun allem Gléck. (S. 17) Dat ass vläicht ee Gedanken, dee munche Mënschen haut net ganz asiichteg ass. Aus perséinlecher Erfahrung eraus, kann ech en ënnersträchen. An engem éischten Abschnitt stellt d'Renate Brandscheidt d'Siicht vum Alen an Neien Testament duer. Gesondheet a Ganzheet vum Mënsch gëtt an der Bibel ëmmer a sengem Verhältnis zu Gott betruecht. Grad an den Heelungsgeschichten am NT gëtt dat ënnerstrach, wa vum Jesus ee Saz kënnst wéi: „Sieh, du bist gesund geworden; sündige nicht mehr, damit dir nicht noch Schlimmeres zustößt!“ (Joh 5, 14) Gesond bzw. „heil“ ass de Mënsch eréischt dann, wann hie viru Gott an Uerdnung ass a säi Liewen u Jesus Christus ausriicht. (S. 23) Mir begéinen an der Bibel engem ganz komplizéierte Bild vu Gott. Dacks gëtt vu Strof geschwat, wann ee Mënsch leit oder krank ass. An awer „ist jede starre Formel einer Sündenvergeltung durch einen strafenden Gott zur Erklärung von Krankheit und Leid zu verwerfen.“ (S. 26)

Exemplaresch gëtt dann un Hand vun e puer Erzielungen aus dem AT wéi aus dem NT gewisen, wéi Gott oder Jesus net einfach nëmme kierperlech heelt, mä wéi de Mënsch am Ganzen erëm „heil“, also ganz gëtt an nei säi Liewe kann ugoen. Et geet ni nëmmen ëm eng reng kierperlech Heelung. Dee ganze Mënsch ass viséiert a gëtt operéiert. Ganz däitlech kënnst dat an den Heelungsgeschichte vun den Evangelien zum Virschäin. De Mënsch

muss vun alle Mächte fräi gemaach ginn, déi hien ustrécken a versklaven. Et ass derwäert, fir sech mat Hëllef vum Liese vun dese Säiten een neit Bild vun dese „Wonner“ ze maachen. Dat ass dann och een Hiweis dorop, wéi mir haut denken an handelen. Och ee kierperlech gesonde Mënsch kann a Strukture fest stiechen, déi hie beschiedegen. Mir sollten dofir och erëm méi wäit kucke wéi just op des kierperlech Säit vun Heelung. (S. 65ff.)

An engem zweeten Deel, deen d' Iwwerschrëft dréit „Gesundheit und Krankheit, Ganzheit und Heil. Vom leidenden Menschen zum „behinderten Gott“, geet de Werner Schüßler da philosophesch an theologesch de Froen no. Mir erwaarden eis ëmmer nees, dass iergendeen a besonnesch een Dokter eis vun allem Leed a Misär, vun aller Krankheet an Nout kann erléisen. Een Dokter gëtt dacks scho bal als „Heiland“ ugesinn. Mä dat geet eben net. Schonn 1958 hat de Karl Jaspers a senger Schrëft „Der Arzt im technischen Zeitalter“ drop higewisen, dass Dokteren a Psychologe quasi wéi Priister géifen ugesi ginn. (S. 73) Grenze verwëschen sech. Mat Hëllef vu Verweiser op de Victor E. Frankl (Psychiater a Philosoph) an op de Karl Jaspers (Existenzphilosoph) diskutéiert de Schüßler iwwe d' Grenzsituatiounen, an déi de Mënsch onweigerlech ëmmer nees erageréit. Hei geet et net nëmme drëm, de Mënsch a senger Krankheet a Gebriechlechkeet kierperlech ze heelen. De Mënsch a sengem ganze Wiese muss beuecht a „behandelt ginn“, opgeriicht ginn, liewensfäeg gemaach ginn, sou dass en och mat deem onvermeidleche Leed eens ka ginn. Ganz wichteg ass dem Frankl säi Begrëff vun der „mehrdimensionalen Einheit“ vum Mënsch (S. 79ff.), déi hei am Text breet diskutéiert gëtt an dozou hiféiert, dass mir de Mënsch ni dierfen nëmme duerch eng Dimensioun, z.B.

Krankheet, definéieren a gesinn. De Mënsch ka selwer entscheiden, wat hien ass. (S. 82) Hien ass also ni einfach festgeluecht, och net a sengem Leed. Doraus ergëtt sech, dass de Mënsch als Einzelnen jee weils ee Sënn fir sech a säi Liewe siche kann a muss. Fir de Frankl gëtt et dann och keng Liewenssituatioun déi wierklech sënnslos ass. (S. 84)

D'Usiicht vun engem weidere groussen Theolog, dem Paul Tillich, diskutéiert de Schüßler op de Säite 87-106, fir dann an engem leschten Abschnitt de Begrëff vum „behinderten Gott“ ze analyséieren. (S. 107-118) Hei gräift de hie Gedanke vum Nancy L. Eiesland (The disabled God) op. Wéi vill Mënsche mat Behënnerung sinn trotz alle Beanträchtegungen „heil“ a „ganz“? Ass de Wäert vum Liewe just an enger kierperlecher „Unversehrtheit“ bestëmmt? Iwwer déi Froe musse mir an der Gesellschaft vun haut nei nodenken. Jesus Christus selwer ass fir d' Nancy Eiesland dee „behënnerte Gott“, well hien als Gekräizegten eben och net intakt, mä blesséiert war. (S. 110) D' Nancy Eiesland, déi selwer vill Operatiounen hannert sech huet an ëmmer nees gekämpft huet, huet hei a mengen Ae ganz wäertvoll a wichteg Gedanke festgehalen, déi mir eis all missten zu Gemitt féieren. An hirem Buch schreift si: „Der behinderte Gott ist nicht nur der Eine aus dem Himmel, sondern die Offenbarung des wahren Menschseins, indem auf diese Weise das Faktum unterstrichen wird, dass das volle Menschsein mit der Erfahrung von Behinderung völlig in Einklang steht.“ (zitéiert op S. 111)

Mech huet dëst wäertvollt Buch beandrockt. Och wann d' Sprooch heiansdo héich theologesch oder philosophesch ass, sou denken ech, dass jiddereen eng Rei Impulser fir sech kann eraus huelen a weider doriwwer nodenken.

# Jörg Ernesti

## Geschichte der Päpste.

### seit 1800

Verlag Herder Freiburg 2024, 576 Seiten, 38,- €.



De 26. September kënnt de Poopst Franziskus fir e puer Stonnen op Lëtzebuerg. Dat ass sécher ee grousst Evenement. Ech ka mech nach un 1985 erënneren, wéi de Poopst Jean-Paul II. zu Besuch war. Dat war deemools nach méi eng grouss Opreegung. Mä wat ass ee Poopst a wat ass d'Aufgab vun dësem Kierchemann?

Haut gesi mir vill Biller a mir liesen an de Medie vill Berichter iwver de Poopst. Dat war sécher net ëmmer esou. Eis modern Welt mécht et méiglech, dass mir quasi live derbäi sinn, wann ee Poopst iergend eppes seet oder mécht. Allerdéngs ass dat, wat esou iwver d'Medien op eis

zoukënnt, net ëmmer ganz ausgeglach a senger Wäertung. De Jörg Ernesti, een unerkannten Historiker, dee scho vill iwver d'Peepst gefuerscht huet, huet elo ee ganz interessant Buch geschriwwen iwver d'Peepst vun deene leschten 2024 Joer. An dëser Zäit war Villes am Embroch an deene jeeweilige Gesellschafte mä awer och an der Kierch. Wie waren des Männer un der Spëtzt vun der kathoulescher Kierch? Wat hunn si geleescht? Wat hunn si och vläicht net esou gutt gemaach? Ënner wéi engen Aflëss stoungen si? All déi Froen si wichtig, fir ze verstoen, wéi sech eis Kierch an an hier dann d'Peepst zënter 1800 entwéckelt hunn.

Et ass wuel ëmmer nees ganz liicht Kritik ze üben, wann een nëmmen op der Iwwerfläch bleift an net en d'Déift vun der Geschicht kuckt. Wichtig ass dofir, dass een sech intensiv mat der Zäit, mat deene politeschen an och kierchleche Gegenbenheeten befaasst. Dem Jörg Ernesti säi Buch hëlleft engem, dass een en Abléck kritt a verstoe kann, fir wat dëst oder dat esou deemools entscheet gouf. D'Buch liest sech deelweis wéi ee Roman oder ee Krimi. Et ass a mengen Aen eng ganz wichtig Publikatioun, déi nodenke léist a vläicht och Goût mécht, fir sech weider mat der Geschicht vun eiser Kierch ze beschäftegen.

*Carlo Morbach*

## Lëtzebuurger Jakobswee

D'"Journées européennes du patrimoine" sinn dëst Joer vum 27.9. bis den 6.10. a stinn ënner dem Thema: "Kulturrouten / routes, réseaux et connections"

D'Frënn vum Camino de Santiago de Compostela ënnerstëtzen dëse Projet an invitieren jiddwereen, deen Interessi huet, mat op de lëtzebuurger Jakobswee ze goen.

De Wee, ca. 180 km, geet vum Norden an de Süde vum Land. De Wee as opgedeelt an 8 Etappë. Déi 3. a 4. Etappe féiert duerch ons Par. Den 30.9. vu Bettel op lechternach an den 1.10. vun lechternach op Grevenmacher. Umeldung a weider Informatiounen iwver dësen interessante Projet fannt Dir op der Homepage vun de Caminosfrënn: <https://caminosantiago.lu>

## Dëst & dat...

### Chèque Iwwereechung

D'Kommuniounskanner aus der Par Regioun Iechternach St. Willibrord hunn an deem Joer d'Associatioun Konterbont asbl fir hire Spendenopruff ausgesicht.

No der Joresoofschlossmass gouf e Scheck mat der stolzer Zomm vun 4.415€ vun de Kanner un d'Vertrieder vun der Konterbont a.s.b.l. iwwerreicht. D'Präsidentin Chris Fogens huet de Kanner, hire Familljen an och dem ganze Pastoralteam Merci fir de léiwe Gest gesot an erkläert, wat mat de gespente Suen alles gemaach gëtt fir bedierftege Mënschen an der Regioun ze hëllefen.



### Hersberg

#### Margréithendag 20.7. zu Heeschbreg

Virunn der Mass, gefeiert vun der Duerfgesellschaft, dem Pastoralteam an der Chorale Hemstel-Biwer huet de Jos Prim eis Informatiounen zur Kapell, zu der Renovatioun vun der Kapell an zu der Traditioun vum Margréithfest ginn. Déi jonk aus dem Duerf hunn dat Fest dëst Joer organiséiert, wéi elo schonn e puer Joer laang. De Jos Prim huet de Grondsteen viru ville Jore geluecht zu engem Fest, wat och an eiser Zäit Zukunft huet.

Et ass e Fest wat all Generatioune verbënnt. E grouse Merci fir déi flott Zesummenaarbecht.





## Willibrordus-Oktav 2024

vum 3. bis den 10. November

D'Oktave fänkt Sonndes owes den 3. November um 18.30 Auer un mat der Pilgermass fir eis Par Regioun Iechternach, Pfarreiengemeinschaft Irrel an de Pastorale Raum Bitburg.

**Priedeger:** abbé Daniel Graul, Paschtouer vun der Par Dräilännereck Musel a Ganer - St Nicolas

Thema: Hl. Willibrord, Missionar unserer Heimat

Den détailléierte Programm fannt Dir am nächste Parbréif.

## Konferenz von Professor Dr. Thomas Söding

Montag 4. November | 19.00 Uhr

Spiegelsaal des Gymnasiums in Echternach

Prof. Söding, Dr. theol. ist Seniorprofessor für Neues Testament an der Ruhr-Universität Bochum und Berater der Weltsynode über Synodalität und Vizepräsident des Zentralkomitees der deutschen Katholiken (ZdK).

Die Konferenz steht unter dem Thema „**Gemeinsam unterwegs:** Bibel und Synodalität der Kirche... in einer zerbrechlichen Welt“

Die Konferenz wird in deutscher Sprache sein, eine Simultanübersetzung in französischer Sprache wird angeboten werden.

## Buchvorstellung von Dr. Michael Summer


Dienstag 19. November | 19.00 Uhr | Trifolion Echternach

Anlässlich der Veröffentlichung seines Buches "Willibrord between Ireland, Britain and Merovingian Francia (690-739). Beyond Mission", das im Oktober 2024 bei Liverpool University Press erscheint, wird Dr. Michel Summer (Heidelberg) im Trifolion einen Vortrag über seine Forschung zu Willibrord halten und im Anschluss mit Prof. em. Dáibhí ó Cróinín (Galway) über das Buch diskutieren.

Die Veranstaltung wird auf Luxemburgisch und Englisch stattfinden, eine Übersetzung wird angeboten.

**Anmeldungen bis 14. November 2024 an [reception@echternach.lu](mailto:reception@echternach.lu) oder 72 92 22-1. Der Eintritt ist frei.**

Eine Veranstaltung der Stadt Echternach in Kooperation mit der Irischen Botschaft Luxemburg.





# Bibeltreffen „Ein Segen sollst du sein“ (Gen 12,2)

## Mit Abraham zusammen unterwegs!

Die biblischen Erzählungen von Abraham und seinen Angehörigen konfrontieren uns mit der Komplexität des menschlichen Lebens: Wie kann die Sehnsucht nach Zukunft, gefestigt in einer überlebensfähigen Nachkommenschaft und in einem Lebensraum, wo man eigenmaßen sicher „daheim“ wohnen kann, gelebt werden? Sie soll nicht als Konkurrenzkampf gegen andere Menschen, sondern als „Segen für alle Völker der Erde“ aufgefasst werden. Dies ist eine Herausforderung, die nicht nur vor 3000 Jahren seine Pertinenz hatte!

Sich mit diesen Texten aus dem Buch Genesis (Kap. 11-25) auseinanderzusetzen, im Dialog mit unserem Leben im 21. Jahrhundert, ist Ziel der Arbeit des Bibellesetreffens am **Freitagmorgen von Oktober 2024 bis Juli 2025**.

Herzliche Einladung!

Leitung: Prof. Thomas Osborne

Treffen im Saal unter dem Pfarrbüro vor der Basilika

Freitagmorgens, 9.00 bis 11.30 Uhr

Erstes Treffen: 4. Oktober 2024

### Anmeldung zwecks Organisation:

Name/Vorname: .....

Email-Anschrift: .....

Telefon: .....

Ich melde mich an für das Bibeltreffen „Abraham“ am Freitagmorgen.

Unterschrift: .....

iechternach@cathol.lu oder

Parbüro Iechternach, 12. Porte St-Willibrord, L-6486 Echternach

## Massendéngerinnen a Massendénger

Mir invitéieren all Massendéngerinnen a Massendénger aus der Par Regioun Iechternach Saint Willibrord vun Häerzen an, sech aktiv un de proposéierten an organiséierten Aktivitéiten vun de “Lëtzebuenger Massendénger” ze bedeelegen. Informéiere ka kann ee sech op eiser Homepage: [www.cathol.lu/massendenger](http://www.cathol.lu/massendenger) an och an de Soziale Medien (Facebook/Instagram) énnert “Lëtzebuenger Massendénger”. Et kann ee sech awer och gär mat enger mail op [massendenger@cathol.lu](mailto:massendenger@cathol.lu) an d’Neieegkeeten-Verdeelerlëscht ophuele loossen.

*Tanja Konsbrück*

## Adventsfenstere an der Gemeng Konsdorf

D’ASBL “Oeuvres St Barthélemy Consdorf” proposéiert fir d’Adventszeit d’Aktioun „ADVENTSFENSTEREN“ zu Gonschte vun engem gudden Wierk. Dir hutt Freed um Dekoréieren? Da kommt a maacht mat! Dekoréiert eng vun Äre Fënstere an der Adventszeit!

Umelle kënt Dir Iech bis den 31. Oktober 2024 mat enger Mail op [advent2024@pt.lu](mailto:advent2024@pt.lu) oder um Telefon 621622511.

*Tanja Konsbrück*

# Mat dir zu Roum

## Lëtzebuenger Massen- déngeger zu Roum



### *Liebe Jungen und liebe Mädchen, guten Abend!*

Den Highlight vun der Woch war de CIM<sup>2</sup> -Festival mat dem Owesgebiet mam Poopst. Mir alleguerten haten déi grouss Chance doru mat 50.000 anere

Massendéngeger deelzehuelen. Dobäi waren eist Land an eis Sprooch ganz präsent. Ee vun eis huet virgesongen, eent vun eis gebiet. Eisen Äerzbëschof Jean-Claude Kardinal Hollerich huet d'Owesgebiet geleet.<sup>3</sup>

### *Der Petersplatz ist immer schön, aber mit euch ist er noch viel schöner.*

Et war ganz faarwefrou, all déi verschidde Gruppe mat hire Fändelen, T-Shirten, Kapen a Fändelen aus 20 Länner. An dann d'Begeeschterung, wann de Poopst komm ass, dat gemeinsaamt Sangen a Bieden: jo, d'Péitersplaz war schéin.

### *Vielen Dank, dass ihr nach Rom gekommen seid; vielleicht ist es für einige von euch das erste Mal. Willkommen!*



Fir déi Meescht vun den 51 Massendéngegerinnen a Massendéngeger (dobäi 2 Massendéngegerinnen aus eiser Par Regioun Iechternach Saint Willibrord) aus dem Lëtzebuenger Grupp war et effektiv déi éischte Kéier zu Roum. Si waren encadréiert vu siwe Monitricen a Moniteuren, véier Geeschtlechen an der Nationaldirektesch. Geleet gouf d'Wallfahrt vun eisem Äerzbëschof. Zesummen hu mir gebiet a Roum entdeckt.

### *Mich beeindruckt das Thema eurer Wallfahrt: „Con te“. „Mit dir“. „With you“. „Avec toi“.*

Mat dir: mam Härgott si mir ënnerwee. Am Lidd vun der Wallfahrt heescht et: „Ech si mat dir, halen deng Hand. Ech ginn dir Kraaft fir däi Liewen.“<sup>4</sup>

### *Danke, liebe junge Freunde! Und einen guten Weg zusammen mit Jesus! Danke, vielen Dank!*

Zum Schluss vun eiser Rees hu mir eiser Nationaldirektesch Merci gesot fir hir vill gutt Aarbecht an deene 25 Joer, wou si elo hir Missio huet.

Amir alleguer gi weider op eisem Wee mat dem Jesus an eise Paren, als Massendéngegerinnen a Massendéngeger.

1 Déi däitsch Extrakte sinn aus der Usprooch vum Poopst un d'Massendéngeger: <https://www.vatican.va/content/francesco/de/speeches/2024/july/documents/20240730-ministranti-europei.html>

2 International Federatioun vun de Massendéngeger: <https://www.minis-cim.net/>

3 Link zum Video: <https://m.youtube.com/watch?v=8tP4ud9DBM4>

4 Link zum Text vum Lidd: [https://web.cathol.lu/IMG/pdf/with\\_you\\_mit\\_dir\\_contigo\\_-\\_partitur.pdf](https://web.cathol.lu/IMG/pdf/with_you_mit_dir_contigo_-_partitur.pdf)



OEUVRES ST BARTHÉLEMY CONSDORF a.s.b.l.  
 ënnerstëtzt  
**d'Liewensmëttelpäck-Aktioun**  
**vum 01. – 15. 11.2024**

vun der

**KANNER- A FAMILIJENHËLEF a.s.b.l.**

RCS: F10515

Siège social: 7, rue de Kehlen L-8394 Olm / Tel. : 661 309 320

CCPLLULL IBAN: LU61 1111 7038 8755 0000



KANNER- A FAMILIJENHËLEF a.s.b.l. organiséiert eng Kollekt vu Liewensmëttelpäck, déi fir Chrëschttag a Rumänien an an der Ukrain verdeelt ginn. Gratis Këschte kritt Dir op de Sammelplazen oder an de Kierche vun der "Par Regioun Iechternach St Willibrord" vum 1. November un.

D'Këschte wann ech glift weder zoupechen nach zoustrécken, well se nach zu Olm kontrolléiert ginn.

D'Këschte sollen all d'selwecht gefëllt si mat folgende Wueren:

1 kg Zocker	1 kg Miel	1 kg Räis
1 kg Spaghetti	1 kg Schmall (semoule de blé)	500 g Margarinn
250 g Kaffi (gemuel)	2 Fëschkonserven	Friichtentéi
250 g Bak-Kakao	4 Päckelcherszoppen	3 Packunge Bouillonsküben
400 g Schockela	2 x Vitaminbrausetabletten	Kamellen
Kichelcher	1 Chrëschtkaart	

Aplaz eng gefëllte Këscht ofzeliwwere kënt Dir och en Don (35 € pro Këscht) un d' „Kanner- a Familljenhëllef a.s.b.l.“ iwwerweisen. (LU61 1111 7038 8755 0000)

All aner Geldspend fir d'Transportkäschten ze decken ass wëllkomm.

Gesammelt ginn ausserdiem a guddem a propperem Zoustand:

waarm Decken	waarm Strëmp	Schalen
Kleeder	Kannerspillsaachen	Buggyen
komplett Kannerkutschen	Kannerbetter mat Matrass a Gedecks	

Mir soen Iech am Virus e ganz häerzleche Merci.

**Sammelplazen:**

Famill ORIGER	56, op der Hicht	Konsdref	☎ (691) 79 08 09
Parbüro	12, Porte St Willibrord	Iechternach	☎ 72 01 49

# D'Lënster Kierchemaisercher...

## Wie si mir?

- mir ware véierzeng Meedercher a Jongen am Alter vu 4 bis 8 Joer, véier Kanner hu mir Äddi gesot well si lo d'Kommioun maachen
- mir hunn eis vum Oktober 2021 un, all véierzeng Deeg freides vun 18:15-19:15 Auer zu Jonglënster am Parzenter versammelt.



## Wat hu mir do gemaach?

- thematesch un d'Joreszäiten an un d'Kierchejoer ugepasst, hu mir chrëschtlech Bräich a Symboler kennegeléiert, Geschichte gelauschtert an duergestallt, wéi eis Welt erschaf ginn ass.
- mir hu gemoolt, gebied, gedantz a gesongen, gebastelt a geschnabbelt, lessen an Gedrenks gedeelt an eis zesumme gefreet iwwert all dat, wat den Härgott eis geschenkt huet.

## Wien huet eis geleet?

D'Francoise Weckering-Bailleux, mat Hëllef vun Eltere vun de Kanner an der Familjemassékipp

Wei geet et weider am Schouljoer 2024/2025?

Eis éischt Versammlung ass de Freideg, 18. Oktober 2024 vun 18:15 bis 19:15 Auer. Wëlls du derbai sinn a bass du tëschend 4 an 7 Joer al, méll dech w.e.gl. un iwwert e-Mail: francoise.bailleux@education.lu

## Qui sommes-nous?

- nous étions quatorze enfants entre 4 et 8 ans, quatre enfants nous ont quittés, ils feront la communion l'année prochaine
- nous nous sommes réunis tous les quinze jours, les vendredis de 18h15-19h15 depuis octobre 2021 au „Parzenter“ à Junglinster.

## Qu'est-ce qu'on a fait?

- inspirés par les saisons et l'année liturgique, nous avons appris à connaître des coutumes et des symboles chrétiens par des histoires et des jeux.
- nous avons dessiné, prié, dansé et chanté, bricolé, bavardé, partagé et nous nous sommes réjouis de tout ce que Dieu nous a offert.

## Qui nous a dirigé?

Françoise Weckering-Bailleux avec le soutien de parents et du groupe de préparation des messes de familles

Et en 2024/2025?

La première réunion: le vendredi, 18 octobre 2024 de 18:15 à 19:15 hrs au „Parzenter“ . Si tu as envie de faire partie de notre groupe et si tu as entre 4 et 7 ans, inscris-toi par courriel: francoise.bailleux@education.lu

# Date mat Gott - Virbereedung op d'Firmung

## Date mat Gott

- De chrëschtliche Glaawe weider liewen a mat aneren deelen.
- ass geduecht fir Jonker aus dem lycée (ab 7e)
- fënnt Dëschdes an zwou Gruppe statt: 1 x de Mount zu Iechternach (Basilika) oder zu Jonglënster (Parzenter)
- op dësem Wee kann ee sech och spéider fir d'Sakrament vun der Firmung aschreiwën.



## Umeldung fir den Date

Dir fannt den Umeldungsziedel op eisem Internetsite: [cathol.lu/iechternach](https://cathol.lu/iechternach) fëllt en aus a schéckt en un de

- Parbüro: 12, Porte St Willibrord, L-6486 Echternach
- oder per mail: [iechternach@cathol.lu](mailto:iechternach@cathol.lu)

## Fir Informatiounen

Josiane Mirkes (Parassistentin) Tel. 621 263 256 email: [josiane.mirkes@cathol.lu](mailto:josiane.mirkes@cathol.lu)  
Carlo Morbach (Paschtouer) Tel. 621 197 083 email: [carlo.morbach@cathol.lu](mailto:carlo.morbach@cathol.lu)

## "Date mat Gott" - préparation à la confirmation

### Date mat Gott

- vivre et partager la foi chrétienne avec d'autres jeunes.
- Le *Date* est prévu pour les jeunes du lycée (à partir de la 7e) et a lieu une fois par mois le mardi (alternance Echternach et Junglinster)
- Le *Date* est aussi une préparation à la confirmation



### Inscription

Vous trouvez la fiche d'inscription sur notre site internet:

[cathol.lu/iechternach](https://cathol.lu/iechternach)

à remplir et à envoyer au bureau paroissial :

12, Porte St Willibrord, L-6486 Echternach

ou par mail: [iechternach@cathol.lu](mailto:iechternach@cathol.lu)

### Informations

Josiane Mirkes (Parassistentin) Tel. 621 263 256 email : [josiane.mirkes@cathol.lu](mailto:josiane.mirkes@cathol.lu)

Carlo Morbach (Paschtouer) Tel. 621 197 083 email : [carlo.morbach@cathol.lu](mailto:carlo.morbach@cathol.lu)

# Kateches 2024/25 - Glawen erliewen

## Kateches

- de Jesus a seng frou Botschaft kenneléieren
- en Abléck an déi chrëschtlech Relioun mat hire Fester an Traditionne kréien



## Virbereedung op d'Éischtkommunioun:

E Kand soll 3 Joer an der Kateches ageschriwwen sinn.

Am Joer vun der Kommunioun gëtt et niewt der Kateches eng speziell Virbereedung op d'Fest vun der éischer Hl. Kommunioun: d'Kanner huelen regelméisseg un de Gottesdengschter deel an u speziellen Aktivitéiten respektiv Prouwen.



Par Régioun Iechternach  
St Willibrord  
Catéchèse en paroisse

## Umeldung

De Flyer vun der Kateches, mam Umeldungsformular ass an all Bréifkescht an onser Por ausgedeelt ginn. Dir fannt den Umeldungsformular och an de Kierchen, am Parbüro oder iwwert Homepage: <https://cathol.lu/iechternach>.

Déi Kanner déi dat läscht Joër an der Kateches ugemeld woren, do kréien d'Elteren de neien Umeldungsformular per mail geschéckt

Dir kënnt och op den Aschreibungsterminer an de Parbüro kommen, an Äert d'Kand dann direkt do aschreiwen: Vum 1. September un, Dënschdes, Mëttwochs an Donneschdes vun 10.00-12.00 Auer oder op Rendez-vous.

## La catéchèse

*permet aux enfants des cycles 2.1 aux cycles 4.2 de*

- faire connaissance de Jésus et de sa Bonne Nouvelle
- recevoir un aperçu de la religion chrétienne, de ses fêtes et traditions

## Préparation à la 1ère communion

*L'enfant doit être inscrit pendant 3 ans au cours de la catéchèse.*

*L'année de la première communion une préparation supplémentaire sera offerte aux enfants.*

## Inscription

*Le dépliant avec le formulaire d'inscription a été distribué à "toutes boîtes" dans notre paroisse. Vous le trouvez aussi dans les églises et sur le site internet: <https://cathol.lu/iechternach>.*

*Les parents, des enfants déjà inscrits à la catéchèse, recevront le nouveau formulaire d'inscription par mail.*

*vous pouvez aussi venir au bureau paroissial à Echternach, à partir du 1er septembre, le mardi, mercredi ou jeudi de 10h00-12h00 ou sur Rendez-vous.*



## Informations

Luc Zimmer (Katechet) Tel. 26 720 376 - email: [luc.zimmer@cathol.lu](mailto:luc.zimmer@cathol.lu)

Anise Metz (Parassistentin) Tel. 720 149 - email: [iechternach@cathol.lu](mailto:iechternach@cathol.lu)



# Dat (Vir-) Lescht



„Meine Güte“, braust der Lehrer auf, „hast du es schon wieder vergessen? Warum nannte ich dich eben einen kleinen Spinner?“ – „Vielleicht, weil ich noch nicht so groß bin wie Sie, Herr Lehre?“

Auf einer Speisekarte steht: „Gemüse nach Wahl“. Der Gast fragt den Ober, was denn zur Wahl stehe. „Spargel!“, antwortet der Ober. – „Nur Spargel? Was hab’ ich denn da für eine Wahl?“, fragt der Gast verwundert. – „Ob Sie Spargel wollen oder nicht.“



## TIM & LAURA www.WAGHNESTINGER.de



# Gemeinsam unterwegs

Bibel und Synodalität der Kirche ... in einer zerbrechlichen Welt

## *Ensemble en chemin*

*Bible et synodalité de l'Église... dans un monde fragilisé*

**Konferenz von Prof. Dr. Thomas Söding**

**4. November 2024 | 19.00 Uhr**


**Spiegelsaal, Lycée classique d'Echternach**

im Rahmen der Willibrorduswoche 2024

>>> *avec traduction simultanée en français* <<<



Catholic Biblical Federation  
Fédération Biblique Catholique  
Federación Bíblica Católica  
Katholische Bibelföderation



[www.c-b-f.org](http://www.c-b-f.org)

**CFD**  
Centre de  
Formation  
Diocésain  
JEAN XXIII



Org.: Pfarrei Region Echternach St. Willibrord